N°7882
Entrée le 16.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7882 vum 12. Abrëll 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ginn et Therapiezentren hei zu Lëtzebuerg, déi Cannabispatiente refuséieren?*
*Gesetzlëch schengt et kee Grond ze gin, firwat en Therapie-Zenter Cannabispatiente refuséire misst.*

Et ass dem Patient säin Dokter deen no Indikatiounsstellung eng Ordonnance fir een Traitement mat medezineschem Cannabis ausstellt. Ambulant traitéiert Patienten kënnen op dëser Basis am Kader vun der délivrance hospitalière an der Spidolsapdikt vun den centres hospitaliers den medezineschen Cannabis zougedeelt kréien.

Dem Gesondheetsministère senge Servicer leie keng Informatioune fir, déi dorobber hindeite géingen dass Cannabispatienten op Grond vun hirer Therapie an engem Therapiezenter refuséiert goufen.

D’Anhuele vun medezineschem Cannabis ënnerläit kengem absoluten Ausschlosscritère an deene verschiddenen Therapiezentren.

*2. Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht Patienten, déi de Cannabisueleg kréien an deenen,déi mat Bléien traitéiert ginn?*

Laut der «Loi du 20 juillet 2018 modifiant la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie», sinn souwuel Cannabisueleger grad wéi och Cannabisbléien als « medizinesche Cannabis » definéiert. Et dierft vun deem Standpunkt hier also och keen Ënnerscheed tëscht Bléien an Ueleg gemaach ginn.

Aus praktescher Siicht gesinn, kann een allerdéngs vermierken, dass déi verschidde Méiglechkeete wéi medezinesche Cannabis vun den Patienten ageholl gëtt, z.B an Uelegform oder duerch eng Vaporiséierung oder Verbrennung, mat den Patiente virun der Opnam an en Therapiezentrum diskutéiert gëtt.

D’Fëmme vu medezineschem Cannabis an engem Zwéebettzëmmer vun engem Therapiezenter wär z.B problematesch.

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert